

Lëtzebuerg, den 1. Oktober 2019

UPDATE ZUR REGULARISERUNG VUM CANDIDAT-PROFESSEUR SURSITAIRE - FUERDERUNGEN ZUR VALORISATIOUN VUM TC

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

Während deene leschte Joren (*cf. beispillsweis eise Communiqué vum 31. Mäerz 2019*) hu mir ëmmer erëm drop higewisen, dass de Verlaf vun deenen eenzelen Enseignantskarriäre scho säit längerer Zäit net méi a Relatioun zur jeeweileger Studiendauer an zum Inhalt respektiv der Intensitéit vum Stage steet. Ganz besonnesch hu mir op déi staark a villfälteg Benodeelegung vun de Kolleginnen a Kollege Candidats-professeurs sursitaires higewisen an d'Regulariséierung vun hirer Situatioun gefuerdert. Allerspéitstens elo nodeems déi éischt Professerer, déi keen TC méi hu misste schreiwen, no zwee Joer Stage definitiv nominéiert goufen, a gläichzäiteg och eng Fonctionnarisatiounsprozedur fir d'Employéen agefouert gouf, ass d'**Situatioun vum Candidat-professeur sursitaire net méi ze rechtfäerdegem a fir déi betraffe Kolleginnen a Kollegen net méi z'erdroen!**

Duerch eisen Asaz kouw kuerz virun der Summervakanz eng nei Dynamik an dësen Dossier, nodeems an der Chamber mat grousser Majoritéit (58 « Jo » – Stëmme an 2 Enthaltungen) eng Motioun ugeholl gouf, déi d'Regierung a besonnesch den Educatiounsminister dozou opfuert, de villfältegen Diskriminatiounen vum Candidat-professeur sursitaire een Enn ze setzen: « **La Chambre des Députés [...] invite le Gouvernement à présenter [...] des mesures ayant pour objectif de mettre un terme aux discriminations vis-à-vis des candidats-professeurs sursitaires en prenant en compte les décharges dont ils ont bénéficié pour élaborer le TC sans que celui-ci ait été terminé** ».

Den 23. September hunn den Educatiounsminister Claude Meisch a seng Beroder dem Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP an enger Reunioun eng éischte Kéier verschidde konkret Piste virgeluecht, wéi eng « Regulariséierung » vun der Situatioun vun deenen aktuell ëmmerhin **603 Professeurs-candidats sursitaires** hirer Meenung no sollt ausgesinn. Dës Propose ginn awer **dem Optrag vun der Chamber definitiv nach net gerecht**, an duerfir besteet weider Diskussiounsbedarf. Well d'Verhandlungen am Dossier « Candidat » nach net ofgeschloss sinn, verzichte mir fir de Moment op eng Verëffentlechung vun dëse Pisten.

Selbstverständlech hu mir selwer dem Educationminister awer och nach eng Kéier eis konkret Fuerderunge virgeluecht:

- Ee Candidat-professeur sursitaire soll no enger « **Karenzzäit** » **vu 5 Joer** ab senger éischer Nominatioun regulariséiert, also als « Professeur » nominéiert ginn. Ab da sollen déi **30 Strofpunkte pro Mount op senger Pai entfalen** an hie kënnt an de **Genoss vu Koeffizienter an Altersdechargen**.

Andeems de Professeurs-candidats sursitaires 5 Joer laang d'Applizéiere vu Koeffizienter op hire Schoulstonne verweigert gouf, hunn déi betreffen Enseignanten d'« Schold » vun hirer ursprénglecher Decharge längst amortiséiert, sou dass eiser Usiicht no kee weidere Bäitrag hirersäits méi ze leeschten ass. D'Candidats-professeurs sursitaires erfëlle largement all d'Konditiounen, déi de Patron Staat haut nach verlaangt, fir kënne an d'Karriär vum Professor ze kommen. Genee wéi bei anere Gesetzesännerungen hei zu Lëtzebuerg, missten natierlech och an dësem Fall all déi Agenten, déi scho virun där Ännerung am Déngscht waren, vun deenen neien, méi virdeelhafte Bestëmmunge profitéieren däerfen. Als Beispill aus dem Domaine vun der Education nationale sief hei déi rezent Reform vum Stage genannt, duerch déi Stagiairen, déi eigentlech ee Stage vun 3 Joer ugetrueden haten, direkt nom Akraafttriede vun dëser Reform schonn no nëmmen 2 Joer Stage hir definitiv Nominatioun als Professor kruten (Promo 17), ouni wéi ursprénglech virgesi war, nach mussen een ustrengenden Examen de fin de stage (« Proba ») z'absolvéieren an een zertifikative Memoire ze schreiwen. Dat selwecht gëllt och fir d'Promo 18, deenen hire lafende Stage direkt mat ugepasst gouf.

- Fir **all** d'Agenten, déi no hirem Stage eng éischt Nominatioun als Candidat-professeur kruten, muss eng **Reconstitutioun vu der Karriär op déi éischt Nominatioun** virgeholl ginn. Ausserdeem solle Méiglechkeete fir d'Kompensatioun vu verluerene Pensiounsrechter fonnt ginn.

Dës Moosnam ass zwéngend noutwendeg, fir ze verhënneren, dass déi regulariséiert Agenten no hirer Nominatioun als Professor net och weiderhin déi niddregste Pai an der gesamter Carrière supérieure (bei selwechter Anciennetéit) hätten, an domat d'Diskriminatioun hinne géintiwwer weidergoe géif, souguer bis an d'Pensioun eran.

Natierlech bleift och laut bestoendem Gesetz weiderhin d'Méiglechkeet, den TC nach ofzeginn, obwuel mir dovun ausginn, dass dat éischer eng Optioun ass fir déi, déi scho wäit fortgeschratt si mat hirer Aarbecht respektiv grad kuerz virdru stinn, hiren TC anzereeche.

D'Ofschafe vun enger Ongerechtegkeet, nämlech der Diskriminatioun vum Candidat-professeur sursitaire däerf allerdéngs op kee Fall dozou féieren, dass doduerch nei Ongerechtegkeete geschaf ginn! Dofir fuerdert de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP eng **Valorisatioun vum TC!**

Als eenzeggen Agent an der Carrière supérieure hunn d'Professeren E7 no hirem erfollegräich ofgeschlossene Fonctionnairestage nach missten een Travail de candidature schreiwen, fir hir definitiv Nominatioun ze kréien. Fir dës opwendeg post-universitaire Recherchearbecht, déi si während mindestens 18 Méint am Optrag vum Héichschoulministère gelescht hunn, goufen si allerdéngs am Verglach zu deenen anere Beamten an der Carrière supérieure **net belount, mee – ganz am Géigendeel – souguer bestrooft, well sech hire Karriärsufank doduerch ëm mindestens 18 Méint verzögert huet.** Et sief drun erënnert, dass och d'Kolleginnen a Kollege Professeren, déi virun 1999 agestellt goufen, dës Recherchearbecht gelescht hunn, deemools nach als integrierte Bestanddeel vun hirem Stage.

Konkret fuerdert de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP, dass deene Professeren, déi een Travail de candidature ausgeschafft an erfollegräich gepackt hunn, eng monatlech pensionnabel Majoration d'échelon vun 10 Punkten zougestane gëtt. Dës Majoratioun géif der Halschent vun där Primm entsprieche, déi de Staat Agente mat engem Doktorat bereet ass auszebezuelen, deen, am Géigesaz zum TC, eng reng fakultativ Aarbecht ass an ni eng Condition d'accès duergestallt huet, fir d'äerfe Professor ze ginn.

Als verantwortungsvoll Gewerkschaft leet d'Féduse/Enseignement-CGFP natierlech och weiderhi grouse Wäert op den Dialog an de faire Kompromëss mat de Verantwortlechen aus dem Educatiounsministère a mir hoffen, am Interessi vun alle Bedeelegten, eng séier an efficace Léisung an dësem komplexen Dossier ze fannen.

Fir de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP muss jiddefalls garantéiert sinn, dass déi getraffe Moosnamen allen Diskriminatioune vun de Candidats-professeurs sursitaires, wéi och vun der Chamber gefuerdert, en Enn setzt, ouni nei Ongerechtegkeeten ze schafen!

Fir eng Regulariséierung vu de Candidats-professeurs sursitaires !

Fir eng Revalorisatioun vun der Karriär E7 !

Fir eng Valorisatioun vum Travail de candidature !

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP